

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2020

Dir Dammen an Häre Presidente vum Comité,
léif Schoulbibliothecairen,
léif Enseignanten,

Mir hoffen Dir sidd all nach bei gudder Gesondheet an hutt lech esou gutt et geet un déi nei Situatioun ugepasst.

Am aktuelle Kontext ass et onvermeidlech, datt och beim Virliesconcours 2020 verschidden Adaptatiounen musse gemeet ginn fir kënnen an der momentaner Situatioun weiderzefueren.

1. Schoulgewënner

Falls Dir bis elo nach kee Schoulgewënner ermëttelt huet, wéilte mer lech folgend Méiglechkeet ubidden:

De Klassegewënner soll säin Extrait nach emol virlesen a sech dobäi ophuelen (Smartphone, Bookcreator,...) . Seng Audiodatei schéckt hien dann u säi Schoulbibliothécaire (per Mail, per "shared file" am onedrive oder iwuer teams). Dësen regroupéiert all Audiodateien an e "shared folder" oder en "teams" an deelt dësen Dossier mat all Jurysmember.

Fir d'Membere vum Jury recommandéiere mir folgend Zesummesetzung: de Schoulpresident, de Schoulbibliothécaire, d'Enseignanten aus dem C4, eventuell Enseignanten aus dem C3. Et ass och hei sënnavoll eng ongerued Zuel u Jurysmemberen ze hunn.

All Jurysmember soll sech d'Audiodateien ullauchteren an lech **virum 30.04.2020** seng Entscheedung (per Mail / SMS / Telefon / Videokonferenz, ...) matdeelen. Doropshin kënnt Dir Äre Schoulgewënner wéi gewinnt beim SCRIPT umellen.

De **neien Délai fir d'Umeldung** vun de Schoulgewënner beim SCRIPT ass den **30.04.2020**. Benotzt duerfir weg weiderhin de Link

<https://cgie.formstack.com/forms/virliesconcours2020>

Et ginn och Schoulen, déi eis matgedeelt hunn, datt si hire Schoulgewënner an enger Videokonferenz iwuer teams ermëttelen. Wann dës Méiglechkeet fir lech an Är Klassegewënner eng realisabel Optioun ass, kënnt Dir selbstverständlech och dës Variant wielen.

2. Halleffinall → regional Finall

Déi nächst Etapp op regionalem Niveau géif ähnlech oflafen, iwuer e "shared folder" oder en teams mat den Audiodateien vun de Schoulgewënner aus der Regioun. De SCRIPT géif lech en onbekannten Text an e Bewäertungsraaster zur Verfügung stellen, déi Dir fräi sidd ze benotzen falls Dir dat wënscht.

Weider Detailer iwuer den Oflaf vum Virliesconcours op regionalem Niveau géife mir lech zur Zäit an enger weiderer Mail zoukomme loossen.



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Vu d'Situatioun bleiwe mir dëst Joer op regionalem Niveau a maachen aus de regionalen Halleffinalen regional Finalen. All Halleffinaliste kréien, aus organisatoresche Grënn, vum SCRIPT net wéi soss e Buch, mee e Bicherbong fir eng Lëtzebuenger Librairie.

D'Gewënner vun den regionale Finalen kréien dann als flotte Präis e méi substantielle Bicherbong fir en Akaf an enger Lëtzebuenger Librairie.

Domatter gëtt et bei der Editioun 2020 vum Virliesconcours, a wann all Regiounen matmaachen, bis zu 15 Gewënner.

De Jurysmemberen op regionalem Niveau wëllte mir och wéi gewinnt Merci soen. Mir géingen dat dëst Joer dann och iwwert e Bicherbong vun enger Lëtzebuenger Librairie maachen.

3. Eventuell Ofmeldungen

Selbstverständlech hu mir och Verständnes duerfir, falls et Schoule gëtt, déi sech wéinst der aktueller Situatioun wéilten aus dem Virliesconcours zrëckzéien. Sot eis an deem Fall einfach Bescheed, fir datt mir kënnen eis Umeldungen à jour halen. (email : anne-marie.antony@men.lu / anne.biesdorf@men.lu)

Mir sinn eis bewosst datt dës Upassungen zum groussen Deel méi ëmständlech sinn wéi de gewinnten Oflaf an hoffen, datt mir lech mat eisen uewe genannte Virschléi eng akzeptabel Alternativ konnte bidden.

Zéckt och net d'Mme Antony an d'Mme Biesdorf ze kontaktéiere fir all weider Froen am Kontext vum Virliesconcours.

Mir wënschen lech an Äre Familjen bei gudder Gesondheet ze bleiwen an mir soe Merci fir Äert Engagement fir de Virliesconcours.

Léif Gréiss,

Luc Weis
Direkter vum SCRIPT

